Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Säit dem 5. Oktober 2015 ass d'Vitess op der Iechternacher Streck N11 op 90 Stonnekilometer limitéiert. Dat och op den dräispuereg ausgebauten Abschnitter, wou weiderhin dierf iwwerholl ginn an déi eigentlech op eng Vitess vun 110 Stonnekilometer ausgeluecht sinn. Den deemolege Verkéiersminister François Bausch hat déi Decisioun mat enger Reaktioun op en Accident begrënnt. De 16. September 2015 hat e jonke Chauffer bei däitlech iwwerhéichter Vitess, déi opgrond vum staarke Reen no den deemolege Reegelen, zum Zäitpunkt vum Accident och um entspriechenden Abschnitt op 90 Stonnekilometer limitéiert war, d'Kontroll iwwert säi Gefier verluer an zwee Leit mat an den Doud gerappt.

Zousätzlech zu den neie Vitesslimitte gouf 2016 op där entspriechender Streck op Héicht vun der Aus- respektiv Afaart vu Gonnereng en automatesche Radar installéiert an 2019 gouf dee ganzen Abschnitt tëschent Gonnereng an dem Waldhaff zu der éischter Testplaz fir déi national Streckeradaren.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Verkéiersminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zu wéi vill Accidenter et vun 2005 bis 2015 op der Iechternacher Streck koum, op wéi enger Plaz se stattfonnt hunn, wéi vill Leit dobäi zu Schued oder souguer ëm d'Liewe koumen a wéi eng Ursaach(en) all Kéiers identifizéiert gouf(en)?
2) Kann d'Madamm Verkéiersminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zu wéi vill Accidenter et vun 2016 bis 2024 op der Iechternacher Streck koum, op wéi enger Plaz se stattfonnt hunn, wéi vill Leit dobäi zu Schued oder souguer ëm d'Liewe koumen a wéi eng Ursaach(en) all Kéiers identifizéiert gouf(en)?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten